



16 Membere vum Flyfishing Club waren den 8. November an d' Belsch Ardenne gefuer fir um Lac vu La Strange mat der Méck ze fëschchen. Ewéi ech Moies fréi Doheem fortgefuer sinn huet den Thermometer 3,5 ° Grad ugewisen an et konnt een um Räif an de Wise gesinn dass et an der Nuecht schonn ënner Null muss gewiescht sinn. Och war ech bei menger Urees déi meeschten Zäit vum Wee mat déckem Niwwel konfrontéiert mee eemol zu la Strange ukomm si mir de ganzen Dag iwwe mat wonnerschéinem Hierschtwieder verwinnt ginn. Ewéi den Niwwel sech mol bis opgeléist hat an d' Sonn duerchkomm ass war et och richtig gemittelt ginn an et konnt een déi déck Jackett ausdoen. Et ass och schonn déi ganz lescht Joer esou gewiescht dass mir zu la Strange meeschtens schéi Wieder hate wat awer an der Vergaangenheet net ëmmer de Fall war hu mir dach La Strange ëmmer mat Reen an ongemittelten Temperaturen an Erënnerung gehat. Eemol um Weier ukomm ware mir net wéineg iwwerrascht wei vill säit eiser leschter Sortie um Site geschafft gouf. Den Dännebësch hannert der Lodge war net méi do an duerfir waren op deier Plaz zousätzlech Parkplaze geschaf ginn och steet an deem Beräich elo eng grouss Hal wou hier Maschinnen ënnerbruecht sinn. Et kann ee scho soen dass de Site eppes hiergitt wann ee bedenkt wei vill an de leschte Joren an dësen investéiert ginn ass.



Ewéi ech den Tour gemaach hu fir eis Fëscher ze begrësse waren Des beschtens gelaunt an direkt beim éischte Fëscher dem Patrick krut ech schonn Action gebueden hat Hien dach schonn eng schéi Forell gefaangen. Ech sinn du weider gaangen a konnt feststellen dass zwar net vill Fësch gefaange goufe mee ausnamslos nëmme schéiner. Eng vun den Eegenheeten zu la Strange ass dass een do

marbréiert Forelle fänke kann, Des sinn net nëmme ganz staark am Drill mee gesinn dobäi och nach wonnerschéin aus. Och sinn am Weier ganz vill kleng Pijen déi net manner schéi sinn. Mir hunn dann och am Laf vum Moie verschiddentlech gesinn dass kleng Fësch gejot gi sinn a permanent gespronge sinn esou dass bestëmmt och Hiechten am Weier sinn an dernieft sinn op dëser Plaz och scho vun eise Fëscher Zander gefaange ginn. Ech fir mäin Deel hunn awer och op mengem Tour dovunner profitéiert fir déi wonnerbar Stëmmung anzefänken.



Schéi war och ze gesinn ewéi de Patrick a säi Bouf de Joe zesummen hir Passioun gedeelt hunn si mir dach ëmmer frou wann déi jonk Generatioun och eis Passioun mat Begeeschterung deelt. Bei den Umeldung fir eisen Ofschloss vum Joer hunn sech och scho Kanner vun eise Fëscher ugemellt wat eis dach immens freet wou mir eis jo awer scho Gedanke maachen ewéi et soll mat eisem Club weidergoen a mir gären un déi jonk Generatioun wëlle vermëttelen wat Méckefëschchen esou besonnesch mécht an dass et net nëmme bei eisem Club dorëms geet fir méiglechst vill Fësch ze fänke mee dass mir awer haaptsächlech Wäert op d´Komerodschaft ännert de Fëscher leeën an et bei eise Sortien drëms geet ee flotten Dag an der Natur ze verbrénge wat awer net heesche well dass eis Fëscher keng Ambitiounen hätte fir Fësch ze fänke mee dass et beim Méckefëschchen em vill méi geet, woubäi mir beim Iesse wäeren. Elo hat ech dach bal vergiess ze ernimmen dass eis Sortie op la Strange u sech la Sortie du Jambonneau heescht ewell mir op deier Plaz traditioneller Weis dovunner profitéiere fir ee Jambonneau mat Bearnäise Zoss ze iessen a Fritten dierfen dobäi och net feelen. Ofschléissend dann ee gudde Kaffi an natierlech een oder deen aneren Dessert an da si mir Mëttes erëm gestärkt fir et nach eng Kéier mat de Fësch opzehuelen.





An der Woch hunn och d´Bannkuren vum Club ënnert de Leedung vum Guy Hoffmann ugefaangen, dat ass och een Deel deen d´Méckefëschchen ausmécht geet dach dobäi drëms seng Mécken déi een am Laf vum Joer well fësche selwer ze bannen an dernieft ass et an de Wanterméint eng gutt Geleeënheet fir mat de Kolleegen zesummen ze komme wann et net méi esou oft bei d´Waasser geet. Hei treffen sech eis Fëscher ëmmer Mëttwochs op de Weieren zu Lamadelaine an och d´Bannowender fannen an der selwechter gudder Ambiance statt ewéi dat scho bei eise Sortien de Fall ass. De Comité hat sech ofschléissend och an der Woch zesumme gesat fir de Programm vun der Saison 2026 auszeschaffen deen am Kader vun der Generalversammlung eise Membere virgestallt gëtt.

